MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Jean Asselborn), Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Jeannot Krecké), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par M. Alex Bodry) et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia (par M. Camille Gira), Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch).

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Mir kommen dann elo zum Projet de loi 4683. De Rapporteur ass den Här Emile Calmes.

Den Här Calmes huet d'Wuert.

7. Projet de loi 4683 portant approbation du quatrième Amendement au Protocole de Montréal relatif à des substances qui appauvrissent la couche d'ozone, adopté à la 11e réunion des Parties au Protocole, à Beijing, le 3 décembre 1999

Rapport de la Commission de l'Economie, de l'Energie, des Postes et des Transports

M. Emile Calmes *(DP), rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn et dann hei mat engem weidere Gesetz ze dinn, wou et ëm de Protokoll vu Montreal geet. Et geet u sech ëm dee véierten Amendement zu dësem Protokoll vu Montreal, esou wéi en an der 11. Réunioun vun de Parteien zu Peking am Dezember 1999 ugeholl ginn ass.

Ëm wat geet et hei am Protokoll vu Montreal?

Nun, an de 70er Joren ass erausfonnt ginn, datt verschidde Gasen, awer haaptsächlech d'CFCen, verantwortlech sinn a schëlleg sinn un der Zerstéierung vun der Ozonschicht, wat da mat sech bréngt, datt déi ultraviolett Strahlung bei eis hei um Buedem zouhëlt. Dat bréngt dann erëm mat sech, datt dat en Afloss huet op d'Gesondheet op där enger Säit vun de Leit, mä et huet och awer en Afloss op den Ökosystem am allgemengen.

D'Efforen en vue vun engem internationalen Accord hunn dunn hiren Nidderschlag fonnt an enger Konventioun, déi zu Wien ënnerschriwwe ginn ass a wou et ëm de Schutz vun dëser Ozonschicht geet. Fir dës Konventioun ze complétéieren an ze renforcéieren, ass dunn de 16. September 1987 de Protokoll vu Montreal ënnerschriwwe ginn, deen d'Consommatioun an d'Produktioun vu CFCen an den Industrielänner zum Deel verbitt an och e Kalenner opstellt fir d'Begrenzung vun dëse Gasen.

Dëse Protokoll huet hei zu Lëtzebuerg säin Nidderschlag am Gesetz vum 2. September 1988 fonnt. Dat war dat sougenannte Spraydouse-Gesetz.

Dat hat net nëmmen Implicatioune fir d'Industrielänner, mä awer och fir d'Entwécklungslänner. Och fir déi waren eng Partie Dispositiounen dran, an et huet och e Kalenner gegolt, deen awer net esou contraignant war wéi dee vun den Industrielänner. Et waren awer och eng Partie Kooperatiounsdispositioune fir dës Länner do dran, fir hinnen den Accès zu Substitutiounsprodukter ze erliichteren.

Op Grond awer vun neie wëssenschaftlechen Entdeckungen iwwert d'Progressioun vum Ozonlach, speziell iwwert dem Südpol, sinn eng Partie zousätzlech Amendementer zu dësem Protokoll hei komm.

Esou de Londoner Amendement, deen 1992 Agank an d'Lëtzebuerger Gesetzgebung kritt huet. Dee vu Kopenhagen ass 1994 an eis Gesetzgebung iwwerholl ginn. En drëtten Amendement vu Montreal ass 1998 an eis Gesetzgebung iwwerholl ginn.

An deene verschiddenen Amendementer sinn dunn nieft den CFCen och nach Substanzen dobäi komm, déi verbuede gi sinn an ähnlech Reaktioune provozéiere wéi d'CFCe selwer. De Kalenner ass och zusehens méi contraignant ginn.

Am véierten Amendement geet et u sech ëm datselwecht. Et geet ëm d'Accélératioun vum Reduzéierungs- a Verbuetskalenner vun dëse Gasen hei. Et si véier Punkten, déi an dësem Amendement hei behandelt ginn.

Deen éischten ass deen, datt de Kalenner vun de Réfrigératiouns- oder Killgase gestrafft gëtt, respektiv och vum HCFC-Schaum, wou d'Phas „out" virgezu gëtt op d'Joer 2040 fir d'Industrielänner; fir d'Entwécklungslänner gëllt d'Joer 2020. Déi kënnen allerdéngs dës Produkter nach bis 2030 gebrauchen, fir dee lafenden Entretien nach ze maachen. Et ass och virgesinn, datt de Gebrauch vun dëse Gasen op engem gewëssenen Niveau agefruer ginn ass.

Den zweete Punkt behandelt de Bromure de méthyle. Dat ass e Fumigène, deen an der Landwirtschaft, respektiv beim Erhale vu Liewensmëttel gebraucht gëtt. Hei ass och dann eng Phas „out" virgesinn. Déi ass op 2005 festgesat fir d'Industrielänner an op 2015 fir d'Entwécklungslänner.

Et ass dann och en neit Produkt op d'Lëscht vun de verbuedene Substanze gesat ginn. Dat ass de Bromochlorométhane, dee bis 2002 net méi däerf gebraucht ginn. Dat ass e Solvent, deen haaptsächlech beim

Botzen a beim Entfette gebraucht ginn ass. Dee gëtt et awer zu Lëtzebuerg net méi.

Hei gesäit een zum Beispill, datt mir vun der Vergaangenheet ageholl ginn, well de Bromochlorométhane ass u sech deemools gebraucht ginn, fir den CFC 113 ze ersetzen, a gëtt e puer Joer duerno och hei verbueden.

De véierte Punkt, ëm deen et hei geet, ass dee multilaterale Fong, dee mam Amendement vu London agefouert ginn ass. Dat ass e Finanzmechanismus, deen et den Entwécklungslänner erlabe soll, fir sech deenen neie Regele besser unzepassen a se och ze respektéieren. Mat dësem Amendement ass hei décidéiert ginn, fir d'Dotatioune fir d'Joer 2000 bis 2002 op 450 Milliounen Dollar unzehiewen. Fir Lëtzebuerg bedeit dat eng Ausgab vu 4.330.000 Frang d'Joer.

Dir Dammen an Dir Hären, dat gréisst Ozonlach ass am September vun dësem Joer iwwert dem Südpol festgestallt ginn. Et ass net auszeschléissen, datt dat Ozonlach nach méi grouss gëtt, wéi et haut schonn ass.

Des voix.- Oh!

M. Emile Calmes *(DP), rapporteur*.- Dir musst nämlech wëssen, datt déi Mesuren, déi bis haut an nach weiderhi geholl wäerte ginn, eréischt hir Wierkung Joren duerno wäerten hunn. Et kann een dovun ausgoen, datt mir eréischt a 50 bis 60 Joer d'Kéier an dësem Domaine hei kréien. Dofir wäre mir selbstverständlech als Chamber frou, wann d'Beméiungen an dësem Domaine hei géife virugefouert ginn, a mir géifen d'Regierung invitéieren, fir e fortschrëttleche Rôle am Kader vum Protokoll vu Montreal hei anzehuelen.

Well dat Gesetz hei - oder dee Protokoll hei - an der Zwëschenzäit an eiser Chamber zu engem Dauerbrenner ginn ass a mir op dësem Punkt hei um richtege Wee sinn, wäre mir frou, wa mir den Zuch vun de Reduktioune vun den CO_2-Emissiounen, déi am Kader vum Protokoll vu Kyoto virgesi sinn, och geschwënn op d'mannst mol op de Schinnen hätten. Dee géif säi Wee dann och am internationale Kontext fannen. Dofir wäre mir frou, wann och op europäeschem Niveau et endlech hei zu Entscheedunge géif kommen.

Dir Dammen an Dir Hären, de 5. Oktober ass dee Rapport hei eestëmmeg an der zoustänneger Kommissioun ugeholl ginn, an ech géif Iech invitéieren, och Ären Accord zu dësem Gesetzesprojet hei ze ginn.

Des voix.- Très bien!

M. le Président.- Als éischten Orateur ass den Här Loes ageschriwwen.

Den Här Loes huet d'Wuert.

Discussion générale

M. Nico Loes *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt drop hiweisen, dass déi Interventioun, déi ech hei maachen, eigentlech dem Här Sunnen seng Interventioun ass, mä well deen net kann hei sinn, droen ech déi vir.

Ech géif mengen, dass, wann den Här Sunnen hei wier, e grad wéi ech dem Rapporteur géif merci soe fir säin ausféierleche schrëftlechen a mëndleche Rapport. Et ass entspriechend der Problematik en zimlech technesche Rapport, deen awer excellent vum Rapporteur erkläert ginn ass. Dofir kann ech mech drop beschränken, fir just e puer Iddien zum Thema vun der Ozonzerstéierung bäizedroen.

M. Jos Scheuer *(LSAP)*.- Zu Veianen ass d'Konzentratioun am héchsten.

(Interruptions diverses)

M. le Président.- Dir Hären, den Här Loes huet d'Wuert.

M. Nico Loes *(CSV)*.- Wa mer haut den Accord zu engem internationalen Text ginn, esou ass et dach en Thema, dat eis alleguer betrëfft a virun deem scho laang kee méi d'Aen zoumécht.

Et gëtt kee méi, deen nach géif un der Noutwendegkeet vun de Moossnamen zweifelen, déi weltwäit geholl ginn, fir d'Ozonschicht ze retten. Déi beandrockend Biller, déi mir heiansdo vum Ozonlach gesinn, déi Konsequenze vun dësem Ozonlach, déi mir alleguer kennen an hautno ze spiere kréien, déi vill ze héich Ozonwäerter, déi am Summer zum Alldag ginn, bréngen eis dëse Problem an d'Stuff eran a loosse kee vun eis onberéiert.

Erlaabt mer just e puer Zuelen ze nennen, déi d'Umweltbundesamt erausgëtt. Leider weisen dës Zuelen nëmmen d'Entwécklung vun den Ozonschwellewäerter tëschent 1990 an 1995 op. D'Zuel vun den Deg, an deenen d'Ozonkonzentratioun iwwer 180 Mikrogramm pro Kubikmeter loung, gesäit no dëser Statistik folgendermoossen aus: 1990 64 Deg, 1991 54 Deg.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Zu wat schwätzt Der do? Ass et zum Projet?

M. Nico Loes *(CSV)*.- Jo, et ass dem Här Sunnen seng Interventioun.

(Interruptions diverses)

M. Robert Mehlen *(ADR)*.- Här Loes, wann Dir dem Här Sunnen kéint noleeën, eis ze explizéieren, wéi en deen Ozon . . .

(Hilarité)

M. Nico Loes *(CSV)*.- Ech wäert him dat och ausriichten, a wann den Här Sunnen muer hei ass, da kënnt Der selwer intervenéieren an hie froen.

Iwwert den Domm gepeilt kann ee soen, dass minimum 50 Deg pro Joer den Ozonwäert dee kriddelege Punkt vun 180 Mikrogramm pro Kubikmeter iwwerschratt hat.

(Interruptions diverses et hilarité)

Wann een déi wäermst Méint Juli an August hält, wär dat bal all Dag gewiescht.

M. le Président.- Loosst dach wann ech glift de Riedner schwätzen.

(Coups de cloche de la Présidence)

M. Nico Loes *(CSV).-* Ech mengen, ech brauch kengem heibannen den Zesummenhank tëschent der Zerstéierung vun der Ozonschicht an der Stratosphär an heinidden op der Äerd ze erklären. Et sief mer awer erlaabt, Folgendes ervirzehiewen.

All Prozent manner Ozon bedeit 2% méi UV-Strahlen, seet den Här Sunnen. Dës Zuel féiert eis d'Wichtegkeet vun den internationale Beméiunge fir eng Reduktioun vun den ozonzerstéierende Stoffer virun Aen.

Dofir begréisst den Här Sunnen, dass dee véierten Amendement zum Montrealer Protokoll méi eng héich Hëllef fir d'Entwécklungslänner virgesäit, fir dass déi déi néideg Moossnamen am Zesummenhank mam Schutz vun der Ozonschicht kënnen huelen. Ech weess net, ob mir eis däers bewosst sinn, mä zu dëse Länner gehéieren och Länner mat enger riseger Populatioun wéi China an Indien. An da muss d'Fro erlaabt sinn, ob déi Moossnamen an Délaien, déi fir déi Entwécklungslänner geduecht sinn, net awer ze large sinn an nëmmen eng Drëps op de waarme Steen duerstellen. Besonnesch déi Délaien, déi virgesi sinn, musse mer nach emol iwwerdenken. Dir wäert a mengen Ausféierungen och mierke firwat.

(Interruptions diverses)

Eppes läit dem Här Sunnen och nach um Häerz: Wann déi Relatioun, déi oft tëschent dem Ofbau vun der Ozonschicht an dem Treibhauseffekt gemaach gëtt, net ëmmer ganz richteg duergestallt gëtt, esou ass et dach esou, dass déiselwecht Stoffer, déi den Ozon an der Stratosphär zerstéieren, och als Treibhausgase wierken an esou zur Erhëtzung vun der Äerdatmosphär bäidroen.

Hei geet et net duer, dass schéi Protokoller ënnerschriwwe ginn. Et geet och net duer, dass d'Industrielänner Finanzmëttelen zur Verfügung stellen, fir de Schwellelänner an den Entwécklungslänner bei der Bewältegung vun hiren Ëmweltproblemer ze hëllefen. An et geet scho guer net duer, wann d'Industrielänner als Léiermeeschter a puncto Ëmweltschutz wëllen optrieden.

Schéi Rieden a flott Theorië ginn net duer. Et muss endlech eppes geschéien. Déi führend Industrienatioune mussen handelen a beweisen, dass si konkret bereet sinn, Ëmweltschutzmoossnamen ze huelen an net nëmme wirtschaftlechen Interessen ze danken. Och wann dat en ofgedroschene Saz ass, gëtt et op d'laang Weil wesentlech méi deier, wa mer elo déi reng wirtschaftlech Interessen an de Virdergrond stellen a kee konkreten Ëmweltschutz maachen.

Dir Dammen, Dir Hären, mir sinn eis alleguer eens, dass de Problem vun der Zerstéierung vun der Ozonschicht akut ass. Mir wëlle ganz schnell reagéieren. Wann ech elo grad op d'Délaien higewisen hunn, déi fir d'Benotzung vun ozonzerstéierende Substanze gëllen, dann aus folgende Grënn: D'Liewensdauer vun deene wichtegsten FCKW-Stoffer an der Atmosphär bedréit nämlech tëschent 42 a 1.700 Joer. D'Liewensdauer vun deelhalogenéierende FCKW-Stoffer, déi wesentlech méi instabil sinn an dofir och méi eng geréng Roll an der Zerstéierung vum Ozon spillen, bedréit ëmmerhin nach 1,5 bis 19,5 Joer.

Dëst sinn erschreckend Zuelen a bedeite konkret, dass, esouguer wa mir haut géifen ophalen, fir esou Stoffer ze produzéieren, dach nach déi folgend Generatioune vum Problem wäerte betraff sinn. D'Ozonlach gëtt esou séier net méi kleng. D'Moossname vun haut wäerten eréischt a Jorzéngten hir Wierkung weisen.

D'CSV hofft, dass et méiglech wäert sinn, fir dëse Projet duerchzekréien, an dofir stëmme mir selbstverständlech dëse Gesetzesprojet.

Den Här Sunnen seet merci.

(Hilarité)

M. le Président.- Ech géif Iech bieden, e bësse méi disziplinéiert ze sinn.

M. Mars Di Bartolomeo *(LSAP).-* Dir maacht dat vill zevill douce, Här President.

M. le Président.- Den Här Fayot huet d'Wuert.

M. Ben Fayot *(LSAP).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, no deem excellente Rapport vum Här Calmes an deenen ausféierleche Bemierkunge vun den Häre Sunnen-Loes bleift mir wierklech weider näischt aneschters iwwreg, wéi ze soen, dass meng Fraktioun mat där Konventioun d'accord ass.

M. le Président.- Den Här Graas huet d'Wuert.

M. Gusty Graas *(DP).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll fir d'éischt dem Här Emile Calmes merci soe fir säin ausféierleche mëndlechen a schréftleche Rapport. E war wéi ëmmer excellent. Mir komme ganz gäre senger Invitatioun no, an zwar an deem Sënn, dass mer selbstverständlech als DP-Fraktioun dëse wichtege Projet wäerte stëmmen.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Den Här Mehlen huet d'Wuert.

M. Robert Mehlen *(ADR).-* Här President, ech wëll och dem Här Rapporteur merci soen. En huet eis am Detail duergeluegt, ëm wat et geet. D'Kommissioun huet och gutt Aarbecht gemaach. Dofir hu mir kee Problem, fir dee Projet hei ze stëmmen.

D'Ozonproblematik ass effektiv eng reell Problematik, déi eis an Zukunft wahrscheinlech nach vill méi Suerge bereede wäert, wéi mer der bis elo haten. Ech wollt just ee Gedanken an e Wonsch hei äusseren.

Mir lafen ëmmer hannert der Entwécklung hier. Dat heescht, mir stellen op eng Kéier fest, dass iergendwou Substanze sinn, déi Schued maachen, an da probéiere mer ze reagéieren. Et wär ze wënschen, virun allem, dass mer um europäeschen Niveau eng Institutioun kriten - déi ass jo amgaangen, geschafen ze ginn -, déi préventiv géif schaffen, dass net einfach alles an Ëmlaf gesat gëtt, esou wéi dat zum Beispill mat den FCKWen de Fall war, oder mat anere Substanze mat komplizéierten Nimm, déi dann elo dran opgeholl ginn, ier een ënnersicht huet, zu wat dass dat ka féieren.

Ech wollt mat enger e bësse méi lëschteger Remarque ophalen. Här President, op der Musel gëtt et eng Zort Crémant, déi „Ausone" heescht. Dat kënnt awer vun Ausonius, a wann een däers zevill gedronk huet, da kann een emol den Ozon, deen hei ënnen ass, mat deem do uewe verwiesselen.

Ech soen Iech merci.

Une voix.- Den Här Sunnen kënnt awer net vun der Musel.

M. le Président.- Den Här Gira huet d'Wuert.

(à suivre)

Projet de loi 4138 sur les syndicats de communes

Projet de loi 4139 ayant pour objet de modifier la loi communale du 13 décembre 1988 et la loi modifiée du 24 décembre 1985 portant fixation du statut général des fonctionnaires communaux . . . . . pages 105 - 126

Ordre du jour . . . . . page 127

. . . . . pages 150 - 154

. . . . . pages 156 - 165

. . . . . pages 189 - 191

Projet de loi 4409

a) concernant la prévention du surendettement et portant introduction d'une procédure de règlement collectif des dettes en cas de surendettement;

b) portant modification du Livre 1er, Titre 1er, article 4 du Nouveau Code de procédure civile. . . . . pages 127 - 148

Communications . . . . . page 149

. . . . . page 188

Questions urgentes 765 de M. François Bausch relative à de graves accusations à l'encontre du Ministre de la Justice et **769** de M. Gast Gibéryen concernant les reproches et accusations formulées dans un courrier du directeur de l'Administration de l'Enregistrement . . . . . pages 154 - 156

. . . . . pages 159 - 171

Question urgente (ancienne question 768) de M. Gast Gibéryen concernant la séparation des pouvoirs . . . . . pages 165 - 170

Interpellation de M. Alex Bodry sur le respect des droits fondamentaux relatifs à la protection des données personnelles ainsi que la liberté de la presse en matière d'accès à l'information *(Suite)*

Interpellation de M. Lucien Weiler sur les attributions et les pouvoirs des autorités judiciaires ainsi que sur les relations entre le Ministre de la Justice et les différentes autorités *(Suite)* . . . . . pages 170 - 187

Projet de loi 4386 portant règlement des comptes généraux de l'exercice 1995

Projet de loi 4500 portant règlement des comptes généraux de l'exercice 1996 . . . . . pages 191 - 204

Projet de loi 4599 portant approbation du Traité d'entraide judiciaire en matière pénale entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement des Etats-Unis d'Amérique ainsi que de l'échange de lettres y relatif, signés à Luxembourg, le 13 mars 1997 . . . . . pages 205 - 216

Projet de loi 4669 portant approbation de la Convention pour la protection du Rhin, de son Annexe et du Protocole de signature, signés à Berne, le 12 avril 1999 . . . . . pages 217 - 227

Projet de loi 4674 portant modification de la loi modifiée du 25 août 1983 relative à la protection juridique du consommateur . . . . . pages 227 - 229

Projet de loi 4683 portant approbation du quatrième Amendement au Protocole de Montréal relatif à des substances qui appauvrissent la couche d'ozone, adopté à la 11e réunion des Parties au Protocole, à Beijing, le 3 décembre 1999 . . . . . pages 229 - 232

Questions au Gouvernement. . . . . pages jaunes 57 - 80 au milieu du compte rendu

Imprimerie Centrale s. a., le 28 novembre 2000

GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

CHAMBRE DES DÉPUTÉS

Compte rendu des séances publiques

Session ordinaire 2000-2001	6e séance, mercredi 25 octobre 2000 7e séance, jeudi 26 octobre 2000 8e séance, mardi 14 novembre 2000 9e séance, mercredi 15 novembre 2000	nº 3/2000-2001

6e séance *(Suite)*

Mercredi 25 octobre 2000

Présidence
M. Jean Spautz, Président
M. Niki Bettendorf, Vice-Président
M. Willy Bourg, Vice-Président

Ordre du jour

7. Projet de loi 4683 portant approbation du quatrième Amendement au Protocole de Montréal relatif à des substances qui appauvrissent la couche d'ozone, adopté à la 11e réunion des Parties au Protocole, à Beijing, le 3 décembre 1999 *(Discussion générale (Suite) - Lecture du texte du projet de loi - Vote et dispense du second vote constitutionnel)*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre; MM. Luc Frieden et Henri Grethen, Ministres; MM. Joseph Schaack et Eugène Berger, Secrétaires d'Etat.

(Début de la séance publique à 14.30 heures)

7. Projet de loi 4683 portant approbation du quatrième Amendement au Protocole de Montréal relatif à des substances qui appauvrissent la couche d'ozone, adopté à la 11e réunion des Parties au Protocole, à Beijing, le 3 décembre 1999 *(Suite)*

Discussion générale (Suite)

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, ech wollt eigentlech just soen, dass mir dëse Projet als gréng Fraktioun och wollte stëmmen, mä ech muss Iech ganz éierlech soen, mir sinn elo ganz veronséchert.

Geet et elo drëm, den Ozon vun heinidden ze reduzéieren? Geet et drëm, deen do uewe méi grouss ze maachen, oder geet et drëm, deen heinidde méi grouss ze maachen, fir dass deen do uewen erëm méi kleng gëtt?

Den Här Sunnen-Loes huet eis elo wierklech ganz duerchernee bruecht, an dat bréngt mech zu folgende Bemierkungen.

Ech si wierklech enttäuscht iwwert d'Aarbecht vu menge grénge Kolleeginnen a Kolleegen am Schäfferot vu Suessem, well se et a véier Joer nach net fäerdeg bruecht hunn, dem Här Buergermeeschter de grondleeënden Ënnerscheed tëschent deem Ozon, dee méi no heinidden ass, an deem, deen do uewen ass, bäizebréngen.

Ech stellen awer och fest, dass en alibigréngen Deputéierten net duergeet, fir an enger Vollekspartei déi grondlegend Notioune vun Ekologie och an d'Breet wierken ze loossen, an dofir mengen ech, dass

et eis net baang brauch ze sinn, fir dass déi gréng Fraktioun och nach an Zukunft hir Daseinsberechtegung huet.

Merci villmools.

M. le Président.- D'Regierung huet d'Wuert.

M. Eugène Berger, *Secrétaire d'Etat à l'Environnement.-* Här President, ech wéilt wéi meng Virriedner dem Rapporteur merci soe fir säin ausféierleche schrëftlechen a mëndleche Rapport. Ech wéilt net weider op dee Sujet agoen.

Well hei elo eng gewëss Konfusioun entstanen ass, wéilt ech op eng Broschür vun 1993 - déi also zwar schonn e puer Joren um Bockel huet - hiweisen: „Ozon in der Stratosphäre und auf der Erde." Do fënnt een all déi Basisinformatiounen, fir dat kënnen auserneenzehalen.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG).-* Gitt se weider un d'CSV-Fraktioun.

M. Eugène Berger, *Secrétaire d'Etat à l'Environnement.-* Mir mussen och wëssen, dass dëse Projet eng gewëss Aktualitéit huet. Et ass schonn drop higewise ginn, dass an de leschte Woche festgestallt ginn ass, dass d'Ozonlach iwwert der Südhemisphär méi grouss ginn ass. Eng Rei Gefore sinn dermat verbonnen, sief dat fir d'Gesondheet vum Mënsch - ech denken un Hautkriibs an esou weider -, sief et Gefore fir d'Zerstéierung vun Nahrungsketten am Mier, sief et Gefore fir d'Photosynthèse. Et ass ee Sujet, deen aktuell ass a wou mer alleguer weiderhi mussen aktiv bleiwen, all Regierungen an Europa an doriwwer eraus.

Dëse Protokoll vu Montreal ass e ganz wichtegt Instrument am Kampf géint d'Zerstéierung vum Ozon an der Stratosphär. Et ass och esou, dass dee Protokoll am Laf vun de Joren ëmmer nees amendéiert ginn ass, op den neiste Stand vun de Kenntnisser gesat ginn ass. Dëst ass dee véierten Amendement, wou nach e puer nei Substanzen, respektiv Phase-oute vu Substanzen erageholl gi sinn.

Dat gesot, kann een natierlech sech nach ëmmer froen, wat esou e Protokoll fir Inzidenzen huet, oder wéi d'Situatioun zu Lëtzebuerg ass an deem Beräich. Dir wësst, dass an der Vergaangenheet eng Rei Initiative gelaf sinn, déi ganz effikass waren. Ee vun de gréissere Problemer war ëmmer e Betrib hei an der Géigend, DuPont de Nemours, fir en net ze nennen, deen als ee vun de groussen Ozonzerstéierer dohinner gestallt ginn ass.

Och do kann ech vermelden, dass eng Rei Ameliorationen a substanziell Verbesserunge geschitt sinn. D'Linn 3 vum Tyvek mat dem CFC11 ass scho säit 1998 à l'arrêt. Eng nei Linn Tyvek L5 ass installéiert ginn, wou nëmmen nach Pentan gebraucht gëtt, wou guer keen ozonzerstéierende Produit méi gebraucht gëtt. Och eng nei Linn ass dëst Joer a Betrib geholl ginn. Do gëtt een neie Produit, e Mélange tëschent Dychloréthylène a Perfluorbutyléthylène agesat. Et ass ee Produit, wou een absolut keng Bedenke méi brauch ze hunn, wat d'Ozonzerstéierung ugeet.

Déi puer Remarke gemaach, wéilt ech all den Deputéierte merci soen, déi dëse Projet stëmmen.

M. le Président.- D'Diskussioun ass ofgeschloss. Mir kommen zur Lecture vum Article unique vum Projet de loi a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Niki Bettendorf)

Den Article unique ass gelies an ugeholl.

Mir maachen de Vote vum Projet de loi 4683.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

De Projet de loi 4683 ass unanime mat 57 Jo-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, Mme Ferny Nicklaus-Faber (par M. Jean-Marie Halsdorf), MM. Patrick Santer, Marco Schank (par M. Nicolas Strotz), Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen (par M. Norbert Haupert), Lucien Weiler (par M. Lucien Clement) et Claude Wiseler (par M. Patrick Santer);

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Alexandre Krieps (par M. Claude Meisch), Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn (par M. Jos Scheuer), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Jeannot Krecké), Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Mars Di Bartolomeo), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par M. Alex Bodry) et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia (par M. Camille Gira), Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch)

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Et ass esou décidéiert.

Mir sinn um Schluss vun der Sitzung vun haut ukomm. Déi zwou Propositions de loi 4684 vum Här Colombera a 4693 vum Här Henckes kommen op den Ordre du jour vun enger nächster Sitzung, entweder muer als leschte Punkt oder op den Ordre du jour vun der éischter Sitzung am November.

D'Sitzung vu muer fänkt um 14.30 Auer un.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 18.47 heures)

7e séance

Jeudi 26 octobre 2000

Présidence
M. Jean Spautz, Président
M. Willy Bourg, Vice-Président

Ordre du jour

1. Allocution de M. le Président
2. Ordre du jour *(Vote)*
3. Question urgente 772 de M. Jean Colombera relative au service médical d'urgence
4. Débat d'orientation sur l'évolution de l'Union européenne dans le contexte de la Conférence intergouvernementale *(Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes - Discussion générale - Motions - Votes)*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre; Mme Lydie Polfer, Vice-Premier Ministre; MM. Henri Grethen et Carlo Wagner, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.34 heures)

M. le Président.- Ech maachen heimat d'Sitzung op.

Huet d'Regierung der Chamber eng Kommunikatioun ze maachen?

(Négation)

Dat ass net de Fall.

1. Allocution de M. le Président

Liebe Kollegen, erlauben Sie mir, Ihnen direkt am Anfang dieser Sitzung mitzuteilen, dass wir auf der Ehrentribüne Gäste begrüßen dürfen, und zwar zwei Mitglieder des Europaparlaments, Herrn Elmar Brok, Vorsitzender des Verfassungsausschusses des Europaparlaments, und Herrn Dimitris Tsatsos, Mitglied dieses Ausschusses.

Beide sind Berichterstatter des Europaparlaments über die Regierungskonferenz, die eben hier zur Debatte steht. In dieser Funktion hatten sie auch das Vorrecht, den Verhandlungen beizuwohnen.

Ich möchte Ihnen im Namen der Abgeordnetenkammer aufs herzlichste für Ihren Besuch danken. Viele Mitglieder der luxemburgischen Abgeordnetenkammer haben schon den Debatten in Straßburg beigewohnt und sich an den Ausschusssitzungen des Europaparlaments in Brüssel beteiligt. Die Europaparlamentarier, die den Weg von Brüssel nach Luxemburg einschlagen, sind aber bei weitem nicht so zahlreich. Deshalb möchte ich ganz besonders begrüßen, dass die Zusammenarbeit zwischen Brüssel und Luxemburg jetzt zweigleisig läuft.

Nochmals vielen Dank für Ihren werten Besuch.

(Applaudissements)

Dir Dammen an Dir Hären, mir ginn dann iwwer zum Ordre du jour. Dat Éischt ass eng Question urgente vum Här Colombera un de Gesondheetsminister Carlo Wagner.

Den Här Di Bartolomeo freet d'Wuert zur Dagesuerdnung.